PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/01/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.

D'Chamber huet am Januar ee verschäerfte Waffegesetz gestëmmt. An de Statistike vum Statec kann ee liesen, dass 2019 4 Persounen u selwer ugedoenen Verletzungen durch Schosswaffe gestuerwe sinn. Wéi vill Persounen duerch Schossverletzunge vun Drëtte gestuerwe sinn, ass net vermierkt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persoune sinn an deene leschten 10 Joer duerch den Asaz vu Schosswaffen duerch Drëtter ëm d'Liewe komm?
2. Wéi vill Mannerjäreger sinn an deene leschten 10 Joer duerch Schosswaffen ëm d'Liewe komm (Drëtter grad ewéi Suicide)?
3. Wéi vill Persounen hunn sech an deenen leschten 10 Joer mat Schosswaffen d'Liewe geholl?
4. An den USA kënnt et leider vill ze oft zu Tragedien, wou Mannerjähreger duerch een Accident Erwuessener mat enger Waff erschéissen. Goufen et och schonn zu Lëtzebuerg esou Fäll an deene leschten 10 Joer?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député